

# Ernst & Young rekrutéiert

Bei Ernst & Young ënnerstëtze mir Iech, ärt perséinlecht a professionnellt Potential voll auszeschaffen. Mir ginn Iech interessant Aufgaben bei deenen dir ëmmer motivéiert bleift. Bei Ernst & Young, deen zou den erfollegräichsten Betrieber op der Welt gehéiert, schafft dir an enger flotter Atmosphär an der mir Wert op Intégritéit an Zesummenaarbecht leeën. Mir encouragéieren Iech Responsabilitéit an ärer Carrière ze iwwerhuelen an ënnerstëtzen Iech dobäi iwwerall wou mir kënnen. Dir sidd flexibel an investéiert Iech an deem, wat Iech wichteg ass, souwuel um perséinlechen wéi och um professionnelle Plang. Bei Ernst & Young kënnt dir Iech fräi entfalen, är Meenung, Energie a Begeeschterung zum Ausdrock bréngen. Esou maache mir den Ennerscheed.

### Fir eist Audit Departement auszebauen, siche mir:

## Audit Assistent(in) (m/w)

Als Assistent an eisem Audit Departement léiert dir Kommerziell- a Produktiounsbetrieber, Investmentfongen, Banken, Assurancen, Réassurancen, Private-Equity an Immobiliengesellschaften kennen.
An Zesummenaarbecht mat ärer Equipe léiert dir adéquat beim Klient opzetrieden, léiert déi intern Prozesser vun eise Klienten kennen, verstitt d'Fonktionnement vun deenen eenzelnen Betrieber a kënnt sou relativ séier Risikoen vun dëse verstoen fir sou eng efficient Approche vum Audit ze bestëmmen.

### Deng Qualifikatiounen:

- Dir hutt e Master a Finanzen, Economie oder Comptabilitéit
- Dir schwätzt fléissend Lëtzebuergesch an Englesch, zousätzlech Sproochen wéi Franséisch oder Däitsch sinn en Avantage
- Dir kënnt gutt kommunizéieren an hutt kee Problem an enger Equipe ze schaffen
- Dir sidd organiséiert, flexibel a kënnt gläichzäiteg verschidden Dossieren beaarbechten.

Interesséiert Kandidaten kënnen een aktuellen Curriculum Vitae an ee Motivatiounsbréif online op folgend Adress déposéieren:

**www.ey.com/lu/careers**

Ernst & Young
Julie Rimlinger
B.P. 780
L-2017 Luxembourg

ERNST & YOUNG
*Quality In Everything We Do*